N° 4380
Reçue le 31.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 31.05.2021

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Am Artikel "La Belgique envisage une troisième dose de vaccin" deen den 20. Mee am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, heescht et, datt déi belsch Autoritéiten sech entretemps mat der Méiglechkeet vun enger drëtter Impfung géint de COVID-19 beschäftegen. Doriwwer raus befaassen si sech och mat der Méiglechkeet, datt d'Impfung méiglecherweis all Joers misst erneiert ginn, well d'Immnunitéit méiglecherweis nëmmen 12 Méint unhält. No der Aschätzung vun de belschen Autoritéite besteet déi hypotheetesch Méiglechkeet, datt d'Modalitéite vun der Impfung géint de COVID-19 sech laangfristeg deene géint déi saisonal Gripp ugläichen.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Gesondheetsminister gär des Froe stellen:

1) Sinn der Regierung des Iwwerleeunge vun de belschen Autoritéite bekannt a wéi steet si dozou?
2) Falls déi Aschätzung vun de belschen Autoritéiten sech géif konkretiséieren, wéi eng zousätzlech Schrëtt wieren dann an der nationaler Impfkampagne virgesinn? Verfüügt d'Regierung fir sou e Fall schonn iwwert e Plan d'Action, deen déi wichtegst Modalitéiten vun enger Erweiderung vun der Impfkampagne (Budget, Zouliwwerer, Zuel vun den Dosen, Datum...) ëmfaasst?
3) Gëtt et sou e Plang och mat de wichtegste Modalitéite fir d'Koordinatioun vun enger erweiderter Impfkampagne (Kontakt vun de Leit, zousätzlech Personal, eventuell Prioritiséierung...)?
4) Wéi eng politesch Conclusioune géif d'Regierung am Kader vun der Aschränkung vun eise Grondrechter zéien, wann d'Aschätzung vun de belschen Autoritéite géif confirméiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

N° 4380
Reçue le 29.06.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 29 juin 2021

Réf. : 839x0b0b3

Concerne: Question parlementaire n° 4380 du 28 mai 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 4380 du 28 mai 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant la troisième dose de vaccin contre la Covid-19.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour la Ministre de la Santé,

Laurent JOMÉ
Premier Conseiller de Gouvernement

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 4380 du 28 mai 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant la troisième dose de vaccin contre la Covid-19

D' Iwwerleeung iwwert eng drëtt Dosis ass net nei, a komm initial aus England. D' Décisioun op eng drëtt Dosis awer néideg ass hänkt vun enger Rei Faktoren of. Éischtens vun der Virus Variant déi zirkuléiert. Esou ass et méiglech, dass nei Varianten net vun den aktuellen Impfungen ofgedeckt wären. Zweetens spillt de Vaccin u sech mat: wéi laang gëtt en eng Immunitéit ? Dëst ass eng Fro déi nach net gekläert ass. Kann een mam selwechten Impfstoff eng drëtte Kéier impfen oder muss een den Impfstoff changéieren ? Och dës Fro ass net kloer, ausser fir vektoral Impfstoffer wou een wiesselen muss, fir Reaktiounen géint de Vektor ze vermeiden. A schlussendlech hängt et vill vun der geimpfter Populatioun of. Eeler Leit oder Leit mat enger staarker Immunschwächt reagéieren manner gutt op den Impfstoff a brauchen eventuell méi schnell e Rappel. All dës Saachen sinn am Moment net gekläert an dofir bleift et momentan bei Spekulatiounen.

D' Regierung huet awer genuch Optiounen op weider Impfstoffliwwerungen geholl fir déi nächsten Méint a Joer, falls néideg, weider Impfungen kënnen ze maachen. Wann dëst dann eng limitéiert Populatiounsgrupp (z.B. eeler Leit) betrëfft, ka sécher iwwert d' Hausdokteren geimpft ginn. Falls et awer néideg wär, schnell a massiv déi ganz Populatioun ze impfen, misst een op d' Impfzentren no dem selwechten Modell wéi bis elo zréckgräifen. D' Aschränkung vu Grondrechter (z.B. Versammlungsfréiheet ...) hänkt méi vun der Evolutioun vun der Pandemie per se of wéi elo vum direkten Besoin e Rappel ze maachen. Et ass och nach ëmmer net virgesinn zu Lëtzebuerg eng Impfpflicht anzeféieren.